LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère des Affaires étrangères
et européennes, de la Défense, de la
Coopération et du Commerce extérieur

**Gemeinsam Äntwert vum Här minister fir auswäerteg Ugeleeënheeten an Aussenhandel, Xavier Bettel, a vun der Madame ministesch fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten, Yuriko Backes, op d'parlamentaresch Fro n°1232 vum 25. September 2024 vum honorabelen Députéierten Marc Goergen**

**Ad 1)**

Um Flughafe Findel sinn am Ganze sechs Parkplaze fir « Véhicules Officiels » reservéiert, déi net exklusiv sinn an dowéinst och vu Gefierer mat CD-Plaquë benotzt kënne ginn.

**Ad 2)**

Ewéi an der Äntwert op déi 1. Fro beschriwwen, sinn déi Parkplazen net exklusiv fir Diplomate virgesinn.

**Ad 3)**

D'modifizéiert Gesetz vum 14. Februar 1955 iwwert d'Reglementatioun vum Stroosseverkéier (Code de la route) gesäit Follgendes vir :

« *Les communes peuvent en particulier réglementer le stationnement et le parcage dans l'intérêt de la sécurité et de la commodité des usagers de la route ainsi que dans l'intérêt de la qualité de vie des riverains et du développement ordonné des agglomérations. Elles peuvent, notamment sur les voies publiques des quartiers résidentiels, prévoir des modalités particulières d'utilisation des emplacements de stationnement et de parcage en faveur des véhicules des résidents. Elles peuvent aussi réserver le stationnement et le parcage de certains emplacements signalés comme tels aux véhicules utilisés par des personnes dont la mission ou la condition physique justifie pareille dérogation; cette dérogation s'applique particulièrement aux véhicules de la police grand-ducale et des représentations étrangères officielles ainsi qu'à ceux servant au transport «de personnes handicapées», aux emplacements qui leur sont spécialement réservés et qui sont signalés comme tels.* »

Deemno sinn et d'Gemengen déi dat reglementéieren. Eis leien deementspriechend och keng Zuele vir, wou nach esou Parkplaze sinn.

Lëtzebuerg, den 22 Oktober 2024

Minister fir auswäerteg Ugeleeënheeten
an Aussenhandel

(s.) Xavier Bettel